

# Pressecommuniqué zu der Propose vum Nationalitéitegesetz vum Minister Braz



[Pressecommuniqué-nee2015.lu-20.10.2015-Nationaliteitegesetz\\_2015\\_.pdf \(420.3 KiB\)](#)

## Résumé vum Pressecommuniqué

Mir hunn eis den Avant-Projet de loi genee ugekuckt an mir stellen folgendes fest:

1. D'Gesetz ass laang, komplizéiert, onverständlech, diskriminéierend wéinst de villen Ausnameregelen, an et ass keen roude Fuedem dran.
2. Déi gefroten Sproochkenntnisser ginn sou staark reduzéiert oder ganz ofgeschaf, sou dass en Abiergeren um Pabeier statt fënnt, an Wierklechkeet awer déi nei Lëtzebuerger sproochlech ausgegrenzt bleiwen, well se net déi néideg Sproochkenntnisser hunn fir aner Lëtzebuerger ze verstoen oder een einfacht Alldagsgespréich ze féieren.
3. Am Gesetz sinn keng Moosnamen virgesinn déi et den auslänneschen Matbierger géifen erlaben, Lëtzebuergesch besser, méi séier an méi bëlleg ze léieren an och net fir de Gebrauch vun der Sprooch ze promouvéieren.
4. D'Regierung wëll onbedéngt vill Auslänner abiergeren fir net iwwert d'Grenz vun 50% ze kommen. Do soen mir ganz kloer an däitlech: Mir hunn léiwer kloer an fair Regeln an en méi héijen Auslännerundeel wéi eng Scheinintegratioun wéinst ze wéineg oder kengen Sproochkenntnisser.

### Dofir si mir fir:

1. En einfacht Gesetz, mat klaren Prinzipien dat jiddereen versteet.
2. Zee Prinzipien sinn eis wichteg:
  - a) All neien Lëtzebuerger muss capabel sinn aner Lëtzebuerger ze verstoen an en einfacht Gespréich ze féieren. Dat ass nëmme méiglech vun engem Niveau B1 un.
  - b) Mir wëllen keng Ausnahmen fir eenzel Gruppen vun Leit, ausser bei enger laangjäreger Verwuerzelung vun Leit déi säit iwwer 20 Joer hei wunnen.
3. Am Gesetz mussen Moosnamen dran sinn, déi et den Auslänner erlaben, lëtzebuergesch besser, méi séier an méi bëlleg ze léieren. Dat kann just an enger Gesellschaft passéieren, an där d'Lëtzebuerger Sprooch en méi héijen Stellenwert kritt. Mir wäerten dozou nach konkret Virschléi presentéieren.
4. Wann d'Regierung wierklech op en Konsens aus ass dann soll se dat beweisen an beim nächsten Referendum d'Lëtzebuerger iwwert d'Nationalitéitegesetz ofstëmmen loossen.



[Pressecommuniqué-nee2015.lu-20.10.2015-Nationaliteitengesetz 2015 .pdf \(420.3 KiB\)](#)